

Rapport Referees' Commission - 13.10.2020

Uwiesend : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Nesser, Simonelli, Weinzierl, Weber(per Video)

Entschëllegt : Courtois, Frieden, Pascalicchio


1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 01.09.2020**

2) **Formation cycle supérieur**

De Programm vun der Formatioun ass vum ENEPS ugeholl ginn. 26 Arbitter hunn déi néideg Virqualifikatioune wéi och d'Erfahrung fir dee Cours matzemaachen. Sie hunn eng perséinlech Aluedung krut fir sech anzeschreiwen.

3) **Ausrëschtung Spiller**

D'Refcom wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'Thermoärm déi selwecht Faarf mussen hunn wéi d'Haaptfaarf vun der Uniform an dëst ganz egal a wéi enger Faarf de Géigener spillt. Hei drënner falen och d'Protektiounen déi de ganzen Aarm bedecken. Dës mussen an der Faarf vum Trikot sinn oder dementspreechend erop an erofgediebelt ginn.



Lang Boxen an ähnlechtes fir Spiller sinn och net erlaabt (Ausnahm Goalkipper). Protektioune fir de Knéi sollen och dementspreechend gedroe ginn (erop an erofdiebele falls ze laang).





4) **LUX – USA**

D'Refcom schéckt een FLH-Delegué op déi 2 Matcher. De Club soll e Sekretär an e Chronometreur mat genuch Erfahrung stellen.

5) **Cours Sec/Chrono**

2 Coure goufen ënnert der Leedung vum Francis Keiffer ofgehalen. Insgesamt hunn 22 Leit matgemaach.

E puer Clibb hunn eng Formatioun bei sech ugefrot. Falls e Club genuch Participanten huet, kënnen si sech gäre bei der Refcom (refcom@flh.lu) mellen fir esou e Cours ze plangen.

6) **Cours Tuteur "jeunes arbitres"**

E Cours fir d'Tuteurs vun de "jeunes arbitres" ass an der Preparatioun. Weider Informatiounen komme wann d'Detailer bekannt sinn.

7) **Kommentaren op de gefilmte Matcher**

Refcom begréisst d'Reaktioun vun der FLH fir d'Clibb iwwert déi verschidde Kommentare beim filme vun de Matcher ze informéieren. D'Refcom wëll an deem Sënn un den Artikel 10 vum Code disciplinaire vum Code du Handball erënneren.

Nächst Refcom de 24. November um 18h15 zu Stroossen.